ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3895

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:21, 22/03/2021

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Den 19. Mäerz war am Artikel "Luxexpo will umziehen, die Politik bremst", ze liesen, datt d'Luxexpo aktuell op der Sich no engem neie Standuert ass. Allerdéngs stellt de Minister sech no den Informatioune vum Lëtzebuerger Wort dogéint, obwuel den aktuelle Mietvertrag 2028 ausleeft. D'Previsibilitéit, déi duerch d'Coronakrise souwisou scho staark gelidden huet, gehéiert zu deene wichtegste Facteur fir d'Gelénge vu groussen Expoen.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Mëttelstandsminister:

1) Bis wéini soll déi endgülteg Decisioun iwwer de Standuert vun der Luxexpo falen?
2) Wéi eng potenziell nei Standuerter ginn aktuell gepréift?
3) Wéi eng Argumenter schwätzen no Aschätzung vum Minister méi fir den aktuelle Standuert wéi fir déi potenziell Alternativen?
4) Wéi eng administrativ Prozedure sinn nach ze envisagéieren, wann d'Luxexpo soll um aktuelle Standuert verbleiwen?
5) Wéi eng administrativ Prozedure sinn nach ze envisagéieren, wann d'Luxexpo soll plënneren?
6) Bis wéini kënne potenziell Cliente spéitstens iwwer d'Zukunft vun der Luxexpo informéiert ginn, fir datt och zukünfteg Evenementer plangungssécher organiséiert kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 22 avril 2021

Le Ministre des Classes Moyennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet: Question parlementaire no 3895 du 22 mars 2021 de Monsieur le Député Roy Reding

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Lex Delles
Ministre des Classes Moyennes

**Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Mëttestand, an dem Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 3895 vum éierbaren Députéierten Roy Reding**

Am Ament lafe mat de concernéierten Acteuren Diskussiounen iwwert déi beschtméiglech Solutioune fir den zukünftege Standuert vun de Lëtzebuerger Kongress- an Expositiounshalen („Luxexpo“). Et si bis ewell e puer Alternative gepréift ginn, dorënner och den aktuelle Site um Kierchbierg an enger reamenagéierter Form. Di administrativ Prozeduren hänke vum jeeweilegen Terrain of, a reeche vun urbanisteschen Etuden, iwwer Modifikatioune vu PAG/PAP, bis hin zu Baugeneemegungen, etc.

Den Ausbau vum Segment vun de Business Events zu Lëtzebuerg ass ee vun de Moteure vun der Politik fir Wirtschaftsentwécklung vun der Regierung. Di zukünfteg nei Infrastruktur fir Salonen a Kongresser ass an deem Kontext vun zentraler Bedeitung. D'Regierung wäert dofir zesumme mat Luxexpo SA dru schaffen, fir potentielle Clients zu gegebener Zäit déi Informatioune kënnen ze ginn, déi si an hirem Decisiounsprozess brauchen.